

Wéi kann een Hëllef ufroen?

D'Prozedur fir eng Admissioun fänkt mat engem Telefongespräch un. Hei ginn éischt Informatiounen ausgetosch an d'Eltere respektiv den Tuteur vum Kand, ginn op e Gespréch mam Responsabel vum Service agelueden. An dësem Gespréch gëtt évaluéiert, ob d'Kannerhaus Jean de Besoine vun der Famill a vun de Kanner entspriechen kann. Dono fänkt eng Beobachtungsphas un, während där d'Famill eemol an der Woch fir eng Stonn an d'Kannerhaus Jean kënnt. Dëst erlaabt et der Équipe zesumme mat der Famill en therapeutesche Projet auszeschaffen. Et ass den Ufank vun enger therapeutescher Begleitung duerch eng pluridisziplinär Équipe.



Comment bénéficier de cette aide ?

La procédure d'admission débute au téléphone par un échange d'informations et se poursuit, le cas échéant, par un entretien avec le responsable du service pour évaluer si le traitement correspond aux besoins de la famille ou respectivement à ceux du lieu de vie de l'enfant. Ensuite, commence une phase d'observation durant laquelle la famille assiste à des rendez-vous hebdomadaires. A son issue, les thérapeutes et la famille élaborent un projet thérapeutique. C'est le début de la prise en charge thérapeutique par une équipe pluridisciplinaire.


Kontakt / Contact

Centre thérapeutique Kannerhaus Jean

9, rue du Château | L-6922 Berg (Betzdorf)
T. (+352) 2755 - 6330 | F. (+352) 2755 - 6331

kannerhaus.jean@croix-rouge.lu
www.croix-rouge.lu/kannerhausjean

Ligne de bus / Buslinie : 130
Arrêt de bus / Bushaltestelle : Berg > Op der Schmëtt



© photos : Olivier Minaïre

Centre thérapeutique Kannerhaus Jean

Therapeutesch Begleitung
fir Kanner a Familien

Accompagnement thérapeutique
pour enfants et familles



Avec le soutien de
FONDATION JEAN HAMILIUS JUNIOR

www.fjhj.lu



croix-rouge
luxembourgeoise
Menschen helfen

www.croix-rouge.lu

Wat ass d'Kannerhaus Jean?

Dëse Service vum Lëtzebuurger Roude Kräiz bitt Familien an emotionaler a sozialer Nout eng therapeutesch a schoulesch Ënnerstëtzung un. E besonnescht Mierkmol vum Kannerhaus Jean ass d'Schaffe mat verschiddene Medien an der Therapie mat de Kanner, wéi Déieren, Konscht, Spillen, Poppespill etc. Eng aner Charakteristik ass d'Integratioun vun allen implizéierte Persounen. Et ginn therapeutesch Consultatiounen fir d'Familljememberen an eng schoulesch Berodung fir d'Léierpersonal an och fir d'Elteren ugebueden.

Fir wien ass d'Kannerhaus Jean?

Den Therapiezentrum went sech u Familien, déi eng schwéier Zäit duerchliewen a wou d'Kanner Zeeche vu psychescher Nout weisen. Dës ka sech duerch Opfällgkeeten an hiren Emotiounen oder hirem Verhale manifestéieren. D'Problematik kann Doheem an och an der Schoul optrieden.

Qu'est-ce que le Kannerhaus Jean ?

Cette structure de la Croix-Rouge luxembourgeoise vient en aide aux familles dans des situations de détresse émotionnelle et sociale en leur offrant un accompagnement thérapeutique et scolaire par le biais de méthodes diversifiées. Une particularité du Kannerhaus Jean est son recours à des « médias » (intermédiaires) dans la thérapie de l'enfant comme les animaux, l'art, le jeu ou les marionnettes. Une autre caractéristique est l'intégration de toutes les personnes impliquées au travers de consultations thérapeutiques pour la famille et du conseil scolaire pour les parents et les enseignants des enfants.

A qui s'adresse-t-il ?

Le centre thérapeutique s'adresse aux familles qui traversent une période de vie difficile et dont les enfants montrent des signes de souffrance psychique qui se traduisent par des troubles comportementaux ou affectifs. La problématique peut se manifester à la maison et/ou à l'école.

Psychotherapeutesch Consultatioun

D'Angebot vun der psychotherapeutescher Consultatioun adresséiert sech u Kanner vu 4 bis 18 Joer an hir Familien. Den therapeutesch Projet besteet aus folgenden Elementer: Therapie fir d'Kand, therapeutesch Consultatioun fir d'Famill a schoulesch Berodung fir d'Léierpersonal an d'Elteren. Am Duerchschnëtt kommen d'Familien eng Stonn pro Woch an den Zentrum. Mir proposéieren eng flexibel an adaptéiert Begleitung op kuerz- oder laangfristeger Basis. D'Dauer vun der gewünschte Verännerungsprozesser ënnerscheet sech vu Famill zu Famill.

Psychotherapeutesch Dagesstruktur

Dëse Service ass fir Kanner vu 6 bis 12 Joer mat psychesche Problemer fir déi e Suivi an der Consultatioun net duer geet. D'Offer gëtt hei zousätzlech duerch eng spezialiséiert Beschoulung a Gruppenaktivitéiten ergänzt. D'Kanner komme 4 Deeg an der Woch an den Therapiezentrum, de fënneften Dag gi si an hir Ursprungsschoul. No engem oder zwee Trimestere gëtt eng progressiv schoulesch Reintegratioun ugefaangen.

Psychotherapeutescht Internat

D'psychotherapeutescht Internat ass fir Kanner vu 6 bis 12 Joer mat psychesche Problemer fir déi e Suivi an der psychotherapeutescher Consultatioun respektiv Dagesstruktur net duer ginn an déi aktuell Familljen- a Schoulsituatioun net den néidege Kader fir hir gesond emotional Entwécklung bidden. D'Kanner gi 5 Deeg an der Woch (Dag an Nuecht) betreit a ginn d'Weekender an an de Schoulvakanz heem.



Le centre de consultation psychothérapeutique

La prise en charge ambulatoire s'adresse à des enfants âgés de 4 à 18 ans et leurs familles. Le projet thérapeutique se base sur la thérapie de l'enfant, les consultations thérapeutiques pour la famille et le conseil scolaire pour les parents et les enseignants. En moyenne, les familles fréquentent le centre une fois par semaine pendant une heure. Le centre thérapeutique propose un accompagnement adapté et flexible, tant à court qu'à long terme. La durée du processus de changement varie selon chaque famille.

Le centre de jour psychothérapeutique

Ce service accueille des enfants âgés de 6 à 12 ans présentant des troubles psychiques excédant les moyens d'interventions du centre de consultation. L'offre est complétée par un enseignement spécialisé et des activités en groupe. Les enfants se rendent au Kannerhaus Jean 4 jours par semaine et fréquentent leur école le cinquième jour. Après un ou deux trimestres une réintégration scolaire est envisagée progressivement.

L'internat psychothérapeutique

L'internat psychothérapeutique accueille des enfants âgés de 6 à 12 ans présentant des troubles psychiques excédant les moyens d'intervention du centre de consultation et du centre de jour psychothérapeutiques. La situation familiale de même que le cadre scolaire n'offrent pas les conditions-cadres propices au développement émotionnel sain de l'enfant. Les enfants sont encadrés 5 jours par semaine (jour et nuit) rentrent à la maison durant les week-ends et les vacances scolaires.